

Dee Verbruetene vum Leschte Steiwer

't as nët fir d'éischt, datt sech iwwert sou Paweesteng de Kapp zerbrach gët. Scho virun engem gudde Joer war et engem, duerno nach e puer anere Rottenaarbechter opgefall, datt där gelungener, klenger a bestëmmt deierer Paweesteng ënnert de Schlake louchen; einfach sou, mol hei een, mol do een. Am Ufank as geduecht gin, se wire viru laanger Zäit iirtemlecherweis an iirgendwéi ënnert d'Schlake geroden; bis et eng Kéier nuets um Daach vun enger Bud elle geknuppt huet, an ee vun der Nuetsschicht äus dem Schlof gefuer as. Genee sou e Paweestee stouch matzen am Blech vum Daachkulang iwwert der Dir vun der Bud. 't as och e Rapport geschriwwe gin, mä geschitt as näischt. Heinsdo, wa rëm ee vun der Rott sou e Steen tèschent de Gleiser fënnt a schwiert, deen hätt gëschter nach nët do geleën, dann denkt alt mol rëm een un dee Rapport an un dee Paweesteen, deen nuets durch de Kulang vun der Bud gaange war. Sou e Paweesteen huet zimlech genee 6 x 6 x 6 Zentimeter an as vun engem ongewinnenen, eigentlech ganz schéinen Hellgro mat engem lichte Stach an d'Rosat. Sou e Paweesteen läit zënter de Muergen um Findelpompjeeskommandant séngem Schreifdësch, an de Kommandant bekuckt dee schmanke Steen elo schon eng hallef Stonn laang, wéi wann dat alles nët kënnt wouer sin. 't as ee jo awer nët vun haut a gëschter! 't wir och bal nët ze gleewen, wann hien dee Rapport nët hätt, dee viru bal véier Méint mat zwéi russesche Pilote gemaach gouf.

Deemools huet de Pompjeeskommandant geduecht, d'Russe géifen nach ëmmer Sträit sichen an nach ëmmer an iwwerall en Hoer an der Zopp fannen a mat egal wat fir enge Raiber-geschichte kommen. 't wir op si geschoss gin, hun se steif a fest behaupt; ongeféier eng hallef Minutt virun der Landung hätt et onheemlech widdert hirer Maschinn geknuppt, soten se. Mä un hirer aler Antonov war näischt ze gesinn; kee Lach, keng Téitsch, mol keng Schréip! Wie soll dann och hei zu Lëtzebuerg, pardon, zu Bouneweg oder zu Hamm, op d'Russe schéissen? A mat wat, wa kee Lach ze fannen as? An dann och nach an der Nuecht, well 't war kurz virun zwielf Auer! D'Russe waren natierlech nët zefridde mat där Enquête, an dee vun hirer Ambassade och nët, mä wat sollt de Findelpompjeeskommandant da maachen? An säi Chef, de Findelskommandant, huet och esou geduecht.

A lo dat do! Dee Paweesteen hun d'Techniker him de Muergen op de Schreifdësch geklaakt. De Steen hätt ganz fest tèschent de viischte Rieder vun enger Cargomaschinn gestach, déi gësch't'r Owend nach spéit äus Namibia kouw. Déi Piloten haten och eppes héiere widdert hir Maschinn knuppen, a wéi d'Maschinn opgesat huet, hätten se direkt

gemierkt, datt eppes mam viischten Train nët an der Rei wir.

Du sin dem Pompjeeskommandant op eemol d'Russen nees agefall. Ëmstand, déi hate wirklech nët gefuebelt! Mä wéi schéisst een da mat Paweesteng op e Fliger? A vu wou äus? Dat gët et dach nët!

An dann och nach nuets! Soll hien da lo déi Bouneweger oder Hammer froen, ob nët vläicht ee vun hinnen zoufälligerweis eng Paweestengskanoun hätt?!

Nuets! De Kommandant vun de Findelpompjeën hieft de Kapp, wéi wann en aneren dat Wuert lo haart äusgeschwat hätt. Natierlech! Dat as et! Dat waren zwou Maschinnen, déi allebéid nuets rakommen; vill ze spéit; zu enger Auer, wou de Findel fir richtig zou as. Ma sécher! Hien huet dach nach anzwousch eng Kopie vun deem verrécktene Bréif vu virun zwee Joer, dee kee Mënsch eescht geholl huet! Déi Kopie muss dach nach am Reklamatiounsossier sin! Wann nët, dann huet de Findelskommandant bestëmmt d'Original nach! Wat de Findelskommandant an säi Pompjeeskommandant nët wësse kënnen - dee verrécktene Bréif staamt vun engem Personnage, deen zu Bouneweg als „dee Verbruetene vum Leschte Steiwer“ bekannt as; deen Honnertste weess nämlech, wéi dee richtig heescht. Séng Kanner hun sech scho laang duurch d'Bascht gemaach, an d'Fra war him souwisou mat Zäit gestuerwen. E Gléck fir d'Fra, hun d'Nopere vum Leschte Steiwer deemools gesot.

Dee Verbruetenen huet e grousst Häus, mä dat steet souzesoen eidel. Hien haust uewen um

Späicher, deen hie selwer äusgebaut huet, kacht sech do, drénkt do a läuschtert do klassesch Musek. Déi leeft de ganzen Dag a meeschtens och nuets, well dee Verbruetene kann nuets nët schlofen. Hie versicht dat zënter drësseg Joer ëmmer nees, mä zënter datt hie virun drësseg Joer op engem Fuesbal zu Hesper e Paweesteen widdert de Kapp krut, as et mam Schlof sougutt wéi gedoen. Hie leet sech an d'Bett, säi schwaarze Kueder tässelt sech bei säi Kapp a spénnt him eppes an d'Ouer. Et leeft och nach eng Stonn laang Mozart, heinsdo enttompt hie wirklech fir e puer Minutten, mä dann dimmert meeschtens e Fliger iwwert d'Häus, an dann as et fir de Rescht vun der Nuecht mam Schlof gedoen.

„Ech schéissen eng Kéier ee rof!“, huet e mol „beim Vito“ gegrommelt, mä déi, déi beim Vito hire Patt drénken, déi hun aner Saachen am Kapp, as wéi deem Verbruetenen nozeläuschteren, wann dee mat sech selwer schwätzt.

Virun zwielf Auer geet hien ni an d'Bett, well soulaang duerfen se jo Radau iwwert séngem Kapp maachen. An dofir gët hie vu Kéier zu Kéier méi rosen, wann se nach no zwielf kommen. Hien erwächt schon, wann de Fliger nach kilometerwäit wech as. Da steet hien op a geet bei déi grouss äusgebauten Daachfenster an huet schon e Paweesteen am Grapp. Da klappt hien d'Fenster héich a kuckt, wéi déi gräisslech Luuchten um Himmel ëmmer méi no kommen. Hien héiert, wéi de Radau an der Schneis ëmmer méi haart gët, an dann, wann d'Luuchte bal iwwert dem Daach sin, da schéckt hien säi Steen op si lass. Direkt duerno as hien



nët méi verblent, da gesäit hien dat schwaarzt Ongeheier fir e puer Sekonnen; méi awer och nët, well dann as d'Dimmerwieder schon iwwert den Daach wech. Hien héiert de Fliger souguer nach, wann dee just gelant as, an da freet en sech all Kéier: Hues d' n e geroden? Wann hien dat nëmmen eng eenzeg Kéier gewuer géif!

De Kueder läit da schon ënnert dem Bett a kënnt réischt Stonnen duerno ervir. Hie selwer kräicht nees ënnert d'Decken, mä 't as ëmmer datselwecht. Hie kënnt grad sou gutt opbleiwen. Zënter drësseg Joer geet dat sou. De Kommedant vun de Findelpompjeë liest d'Kopie vun deem Bréif lo scho fir drëtt. „Wann dat nët ophéiert, da baatschen ech ee rof!“, steet do; hie selwer hat dee Saz deemools rout ugestrach. Hie kombinéiert: 't huet nët opgehéiert; 't kënnt ëmmer nees vir, datt der nach nuets landen. An dofir schéisst nuets ee mat Paweesteng. Mä wéi mécht deen dat? A wat sin dat iwwerhaapt fir Paweesteng? Sou eng hat hie virdrun ni gesinn! Sin dat ieren extra Terroristepaweesteng? Jeejeejee!

De Pompjeeskommedant vun Findel an och de Findelskommedant selwer gin et ni gewuer, well si dat, wat e puer Woche méi spéit geschitt, och nët matkréien. Doriwwer gët et wuel nees e Rapport, dës Kéier souguer e Jandaarmeriesprotekoll, mä d'Jandaarme schécke jo awer keng Kopie vun hire Protekollen op de Findel!

E puer Woche méi spéit sichen d'Nopere vun leschte Steiwer no deem Verbruetenen, well deem säi schwaarze Kueder schon Deeg laang wéi verschotert dorëmmer leeft. Wéi se dee Verbruetenen op séngem Späicher fannen, mengen se, se missten d'Jandaarme ruffen. Déi kommen och a kucken sech dee Verbruetenen un a verstinn d'Welt nët méi. Dee Verbruetene sëtzt mäusdout widdert der Mauer, an nieft him läit e Koup Paweesteng – zimlech klenger –, an an der Dachfënster hänkt e laangt Stéck Gummi, vun deem dee Verbruetenen de Wupp mat engem Stéck Lieder drun an engem Paweesteen dran an den Hänn hält. Bäussent der Fënster as een Enn vun Gummi un enger décker hëlzener Guewel festgemaach, an déi stécht am Rouer vun enger aler Televisiounsantenn.

„Dat as jo eng riseg Schleider!“, wonnert deen éischte Jandaarm sech; „eppes wéi dem Goliath séng!“

„Awer eng kapotten!“, seet deen zweete Jandaarm an der oppener Daachfënster. „Iwrengens hat de Goliath guer keng Schleider, dat war den David, wann s de déng Bibel kenns!“ Duerno gët hie rëm eescht. „Deen Dabo muss e puer Meter no hannen a mam Kapp widdert d'Mauer geflu sin, wéi de Gummi gerass as. Domat konnt dee jo bis déisäit op d'Rangéiergleiser schéissen!“

„Wat sees de?“, jäitzt deen éischte Jandaarm, well an deem Abléck hummert e Fliger iwwert de Leschte Steiwer; sou niddreg, datt deen zweete Jandaarm de Kapp mat der Jandaarmskap séier zur Daachfënster ran zitt.

josy braun



Imedia

Ein Lift für die Bonneweger Fußgängerbrücke

Damit ältere und behinderte Menschen künftig auch die praktische „Passerelle“ zwischen dem Bonneweger Ortszentrum und dem Bahnhofsviertel benutzen können, ließ die Stadt Luxemburg auf der Bonneweger Seite einen modernen Aufzug errichten, der dieser Tage fertiggestellt wird.